Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Question écrite n°4867

## Continuité des services SePAS, SSE et ESEB pendant les vacances scolaires

*Déposée par:* *Clement Sven*
*Adressée à:* *Meisch Claude, Ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*
*Déclarée recevable le:* *06.10.2026*
*Date limite de réponse:* *05.11.2026*

De 7. Juli 2026 huet eng Reunioun vum Collège des directeurs vum Enseignement secondaire stattfonnt. Laut mengen Informatioune gouf do och iwwer d'Continuité de service vum SePAS, vum SSE a vum ESEB an de Lycéeë wärend de Schoulvakanze geschwat.

An deem Kontext erlaben ech mer, dem Här Minister follgend Froen ze stellen:

1. Gëtt systematesch verlaangt, datt all Service wärend alle Schoulvakanzen a -congéen (ausser der Chrëschtvakanz an dem Mount August) dauerhaft besat ass, onofhängeg vum Fonctionnement a vum Besoin vum eenzelne Lycée?

2. Gëtt systematesch verlaangt, datt all Service wärend alle Schoulvakanzen a -congéen (ausser der Chrëschtvakanz an dem Mount August) dauerhaft besat ass, onofhängeg vun der Unzuel vu Mataarbechter am jeeweilege Service?

3. Wéi vill Stonnen den Dag muss all Service an de Vakanze mindestens besat sinn?

4. Vu wéi ville Persoune pro Service muss dës Continuité de service all Dag assuréiert ginn?

5. Wéi vill Schüler hunn zënter der Aféierung vun dëser Continuité de service d'Servicer an de Schoulvakanzen an Usproch geholl, opgedeelt no Service a no Lycée?

6. Muss d'Continuité de service och assuréiert ginn, wann doduerch dem Besoin wärend de Schoulwochen net méi adäquat gerecht ka ginn?

7. Wéi gëtt garantéiert, datt d'Besetzung vun de Servicer dem reelle Besoin vun de Schüler ugepasst ass, besonnesch wärend de Schoulwochen?

8. Stëmmt et, datt an de Kontrakter vu villen EPS-Mataarbechter steet, datt si wärend de Schoulwochen 48 Stonnen d'Woch schaffen, an de Schoulvakanzen awer fräi hunn? Wa jo, ass virgesinn, dës Kontrakter unzepassen, a wa jo, wéi?

9. Ass virgesinn, de Schülertransport wärend de Schoulvakanzen ze assuréieren, fir datt d'Schüler d'Offer vun de Servicer iwwerhaapt notze kënnen?

10. Ass virgesinn, d'Schoulrestauratioun an alle Lycéeë wärend de Vakanzen am selwechten Ëmfang wéi wärend der Schoulzäit ze assuréieren?

11. Wéi gëtt dës Vakanzenoffer vun de Lycéeë mat der Offer vun de Jugendhaiser a mat de Vakanzenaktivitéite vun de Gemengen ofgestëmmt?

12. Wéi beurteelt de Minister d'Bedeitung vun enger raimlecher Distanz zur Schoul wärend de Vakanze fir d'sozio-emotional Entwécklung an d'psychesch Gesondheet vun de Kanner a Jugendlechen, a wéi gouf dësen Aspekt bei der Aféierung vun der Continuité de service berécksiichtegt?

13. Wat sinn déi konkreet laangfristeg Ziler vun der Continuité de service an de Schoulvakanze fir all eenzelne vun deenen dräi Servicer?

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4867 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

1. **Gëtt systematesch verlaangt, datt all Service wärend alle Schoulvakanzen a -congéen (ausser der Chrëschtvakanz an dem Mount August) dauerhaft besat ass, onofhängeg vum Fonctionnement a vum Besoin vum eenzelne Lycée?**
2. **Gëtt systematesch verlaangt, datt all Service wärend alle Schoulvakanzen a -congéen (ausser der Chrëschtvakanz an dem Mount August) dauerhaft besat ass, onofhängeg vun der Unzuel vu Mataarbechter am jeeweilege Service?**
3. **Wéi vill Stonnen den Dag muss all Service an de Vakanze mindestens besat sinn?**
4. **Vu wéi ville Persoune pro Service muss dës Continuité de service all Dag assuréiert ginn?**
5. **Wéi vill Schüler hunn zënter der Aféierung vun dëser Continuité de service d'Servicer an de Schoulvakanzen an Usproch geholl, opgedeelt no Service a no Lycée?**
6. **Muss d'Continuité de service och assuréiert ginn, wann doduerch dem Besoin wärend de Schoulwochen net méi adäquat gerecht ka ginn?**
7. **Wéi gëtt garantéiert, datt d'Besetzung vun de Servicer dem reelle Besoin vun de Schüler ugepasst ass, besonnesch wärend de Schoulwochen?**
8. **Stëmmt et, datt an de Kontrakter vu villen EPS-Mataarbechter steet, datt si wärend de Schoulwochen 48 Stonnen d'Woch schaffen, an de Schoulvakanzen awer fräi hunn? Wa jo, ass virgesinn, dës Kontrakter unzepassen, a wa jo, wéi?**
9. **Ass virgesinn, de Schülertransport wärend de Schoulvakanzen ze assuréieren, fir datt d'Schüler d'Offer vun de Servicer iwwerhaapt notze kënnen?**
10. **Ass virgesinn, d'Schoulrestauratioun an alle Lycéeë wärend de Vakanzen am selwechten Ëmfang wéi wärend der Schoulzäit ze assuréieren?**
11. **Wéi gëtt dës Vakanzenoffer vun de Lycéeë mat der Offer vun de Jugendhaiser a mat de Vakanzenaktivitéite vun de Gemengen ofgestëmmt?**
12. **Wéi beurteelt de Minister d'Bedeitung vun enger raimlecher Distanz zur Schoul wärend de Vakanze fir d'sozio-emotional Entwécklung an d'psychesch Gesondheet vun de Kanner a Jugendlechen, a wéi gouf dësen Aspekt bei der Aféierung vun der Continuité de service berécksiichtegt?**
13. **Wat sinn déi konkreet laangfristeg Ziler vun der Continuité de service an de Schoulvakanze fir all eenzelne vun deenen dräi Servicer?**

D'Kontinuitéit vun de Servicer berout op engem einfache Grondsaz: D'Suergen an d'Bedierfnesser vun de Jonken halen net op, wann d'Schoul aus ass. E Jonken, dee psychologesch Ënnerstëtzung, sozialpädagogesch Begleedung, schoulesch oder berufflech Orientéierung oder spezifesch Hëllef brauch, soll och wärend de Schoulvakanzen eng kompetent Ulafstell fannen. Dat selwecht gëllt fir seng Elteren an déi Professionell, déi hien a sengem Alldag begleeden.

D'Servicer vun de Lycéeën erfëllen an dësem Zesummenhang eng wichteg ëffentlech Aufgab. Hir Missioune ginn iwwer de Cours an de Klassesall eraus. Perséinlech oder familiär Schwieregkeeten, psychosozial Belaaschtungen, Froen zur Orientatioun oder de Besoin u spezifescher Ënnerstëtzung riichte sech net nom Schoulkalenner. D'Disponibilitéit vun dëse Servicer och ausserhalb vun de

Schoulwochen entsprécht deemno dem politesche Wëllen, eng zouverlässeg a kontinuéierlech Begleedung ze garantéieren.

An der Vergaangenheet gouf kritiséiert, datt d'Ënnerbriechung vun de Servicer wärend de Schoulvakanzen zu zousätzleche Waardezäite gefouert huet. Besonnesch am Beräich vun der schoulescher Inklusioun gouf drop higewisen, datt Schüler an hir Elteren ze laang op en Diagnostik, eng Berodung oder d'Organisatioun vun enger néideger Hëllef hu misse waarden. D'Kontinuitéit vun de Servicer soll dozou bäidroen, esou Ënnerbriechungen ze vermeiden, lafend Demarchë virunzebréngen an déi néideg Ënnerstëtzung méiglechst rechtzäiteg bereetzestellen.

Dëse Grondsaz gouf schonn am Accord vun 2021 tëscht dem Educatiounsministère an de betraffenen Ënnerorganisatioune vun der CGFP festgehalen. Ënnert dem Titel *Des services disponibles tout au long de l'année scolaire* gouf vereinbart, d'Disponibilitéit vun den Diagnostic- a Berodungsequippe vun den Equipes de soutien (ESEB) an de Kompetenzzentren, de SePAS an de sozialpädagogesche Servicer (SSE) vun de Lycéeën iwwer d'Schoulwochen eraus ze garantéieren. Den Accord gesäit dës Kontinuitéit wärend der Allerhellegen-, Fuesent- a Päischtvakanz, der Ouschtervakanz souwéi deenen zwou leschte Woche vum Juli an deenen zwou éischte Woche vum September vir. Wärend dem Mount August an der Chrëschtvakanz sinn d'Aktivitéite vum betraffenen EPS-Personal ausgesat.

Fir de SePAS bedeit dës Kontinuitéit, datt Jonker an hir Familljen och an dëse Vakanzenzäiten Zougang zu psychologescher a sozialer Berodung a Begleedung hunn. Fir de SSE geet et ëm d'Weiderféierung vun der sozialpädagogescher Ënnerstëtzung an ëm den Erhalt vum Kontakt mat deene Jonken, déi dës Begleedung brauchen. Fir d'ESEB steet d'Kontinuitéit vun der Berodung, der spezifescher Begleedung an der Virbereedung vun Hëllefsmoossnamen am Mëttelpunkt. Fir d'Cellules d'orientation et d'intégration scolaires (COI) geet et drëm, d'Schüler och wärend de Vakanzen an hirer schoulescher a berufflecher Orientéierung ze beroden an hir schoulesch Integratioun ze begleeden. Och den Austausch mat den Elteren an de concernéierte Professionelle gehéiert zu dëse Missiounen.

D'Organisatioun vun dëser Kontinuitéit muss sech un de Missiounen, de reelle Besoine vun de Beneficiairen an de personelle Ressourcë vun de jeeweilege Servicer orientéieren. Dobäi ass et wesentlech, souwuel d'Disponibilitéit wärend de Schoulvakanzen wéi och eng adäquat Begleedung wärend de Schoulwochen ze garantéieren. D'Zil ass eng Organisatioun, déi den Asaz vum Personal am Interessi vun de Schüler iwwer dat ganzt Schouljoer plangt.

Déi genau Modalitéiten an entspriechend Guidelines ginn aktuell mat den Ënnerorganisatioune vun der CGFP gekläert, dëst am Aklang an ënner Berücksichtegung vun de besteeënde Ressourcen an de Schoulen, den Aarbechtspläng vum Personal an de Besoine vun de Schüler. De Collège des Directeurs ass an dësem Prozess och implizéiert.

D'Schoulvakanze bleiwen eng wichteg Zäit fir Erhuelung, Fräizäit a sozial Kontakter ausserhalb vun der Schoul. Gläichzäiteg muss e Jonken, deen an där Zäit Hëllef brauch, sech un e Service wende kënnen, deen hie kennt an zu deem hien e Vertrauensverhältnis opgebaut huet. Dës Disponibilitéit ergänzt d'Offer vun de Jugendhaiser, de Gemengen an aneren Acteuren.

D'Kontinuitéit vun dëse Berodungs- an Ënnerstëtzungsservicer bedeit keng allgemeng Weiderféierung vum reguläre Schoulbetrib wärend de Vakanzen. Si bréngt deemno och keen allgemengt Weiderféieren vum reguläre Schoultransport oder vun der Schoulrestauratioun mat sech.

Déi wichtegst Zilsetzung ass, datt Jonker an hir Familljen op eng zouverlässeg Ënnerstëtzung ziele kënnen, datt lafend Begleedungen net onnéideg ënnerbrach ginn an datt néideg Hëllefen net eleng

wéinst dem Schoulkalenner verspéit ginn. Dat entsprécht dem Usproch un en ëffentleche Service, deem seng Organisatioun sech un de Bedierfnesser vu senge Beneficiairen ausriicht.

Lëtzebuerg, den 13. November 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH